déi Lénk

*Sensibilité politique*

*Lëtzebuerg, de 14 Juli 2022*

*Pressecommuniqué*

## Steiergerechtegkeet. Elo!

***Déi sozial Inegalitéite bekämpfen : dat ass d'Haaptzielsetzung vun de Propose vun déi Lénk bei der Steierdebatt des Woch an der Chamber.***

Fir d'Inegalitéiten an der Gesellschaft wierksam ze bekämpfen, muss de Barème komplett nei opgestallt ginn. *déi Lénk* fuerderen eng Erhéijung vum Spëtzesteiersaz op mannst bis op 48% oder 50% mat neien Tranchen uewenaus. Am Géigenzuch soll d'Progressivitéit bei de klengen a mëttleren Akommes ofgeflaacht ginn. Ausserdeem muss de Barème endlech un d'Inflatioun ugepasst ginn an déi sëlleg Abattemente mussen op de Leescht geholl ginn.

*déi Lénk* schwätzen sech och fir eng eenzeg Steierklass aus. Allerdéngs muss an d'Berechnung afléissen, wéi vill Persoune vum Revenu vum Contribuabel ofhängeg sinn (z.B. Kanner oder Partner ouni Revenu). Dat kann ee maachen, andeems een e Koeffizient aféiert, deen de Steiertaux deementspriechend senkt, jee méi Persoune finanziell vum Contribuabel ofhänken.

Revenuen aus Aarbecht a Revenuen aus Kapital sollen d'selwecht besteiert ginn, nämlech nom Barème. Dat heescht an éischter Linn, datt d'Exoneratioun bei den Dividendë muss ewech falen an datt all d'Plus-Valuen op Finanzprodukter sollen nom Taux global besteiert ginn.

Donieft schwätze mir eis dofir aus, d'Räichesteier fir Privatpersounen nees anzeféieren, déi jo 2006 ofgeschaaft gouf. Eise Virstellungen no wär den Haaptwunnsëtz a Spuerguthabe bis zu 200.000 Euro ausgeklammert, mä doriwwer eraus géif de Räichtum mat engem progressiven Taux tëschent 0,5% an 2% besteiert ginn, jee nodeems wéi vill Räichtum eng Persoun besëtzt.

### Immobiliëspekulatioun stoppen

Mir hunn eng Demande um Immobiliëmarché, déi vill méi grouss ass wéi d'Offer an dofir klammen d'Präisser kontinuéierlech. Mä déi Demande kënnt net just eleng vu Leit déi en Haus oder en Appartement siche fir dran ze wunnen. E ganz groussen Deel vun där Demande entsteet réng aus Investitiouns- a Spekulatiounsgrënn. *déi Lénk* sinn dofir der Meenung, datt d'Immobilië mussen als Investitiouns- a Spekulatiounsobjet onattraktiv gemaach ginn, fir déi iwwerméisseg Demande um Marché ze senken.

Dofir proposéiere mir an deem Beräich eng grondleeënd Reform vun der Grondsteier, déi progressiv an d'Luucht geet, wat ee méi Objete besëtzt. Bei dem Haaptwunnsëtz géif d'Grondsteier niddreg bleiwen. Mä bei all weideren Objet, sief et Haiser, Wunnengen oder Bauterrainen, géif den Taux vun der Grondsteier progressiv an d'Luucht goen. Do uewendrobber muss da nach eng zousätzlech Spekulatioun-Tax erhuewe ginn, wann déi Objete muttwëlles eidel stoen oder brooch leie gelooss ginn.

Donieft menge mer och, datt d'Plus-Value bei Immobilië musse mam vollen Taux besteiert ginn - egal wéi laang een ze hält - ausser beim Verkaf vum Haaptwunnsëtz. An natierlech si mir dofir, datt den Amortissement accéléré muss komplett ofgeschaaft ginn.

**Opgepasst mat Ëmweltsteieren**

*déi Lénk* hunn eng ganz differenzéiert Siicht op déi sougenannten Ëmweltsteieren. Well déi meeschten Ëmweltsteieren, sou wéi se vun dëser Regierung agefouert goufen, treffe virun allem déi sozial schwaach an entfalen iwwerhaapt keng Lenkwierkung. Emwëltsteieren déi virun allem déi ënnescht Akommes-Klassen treffen, sinn net nëmme fundamental ongerecht, se sinn och ineffikass a ganz oft kontraproduktiv. Se musse virun allem déi treffen, déi am meeschten zur Ëmweltzerstéierung bäidroen.

Ëmweltsteiere sinn an eisen Aen also net vu vireran schlecht, mä se musse ganz intelligent konzipéiert an ëmgesat ginn. Fir datt esou Steieren eng Lenkwierkung hunn, mussen Alternativen zu engem ëmweltschiedleche Verhalen existéieren. Virun allem awer mussen Ëmweltsteiere sozial gestaffelt sinn. An ee Wee fir dat ze maachen, ass e Grond-Bedarf u wichtege Produkter a Servicer festzeleeën an deen aus der Besteierung auszeklammeren.

***************